

Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend a Minister fir Héichschoul a Fuerschung, vun der Gesondheetsministesch a vun der Ministesch fir Gläichstellung tëschent Fraen a Männer op d'parlamentaresch Fro Nr. 3178 vun den Hären Deputéierte Fred Keup a Jeff Engelen

Ad 1)

Am Januar 2019 ass den Nationalen Aktiounsplang fir d'Fërderung vun der affektiver a sexueller Gesondheet am Kader vum nationale Programm "Promotion de la Santé affective et sexuelle" a Kraaft getrueden. Dëse gouf – ënnert der Tutelle vum Gesondheetsministère – an Zesummenaarbecht mam Bildungsministère, mam Chancëgläichheetsministère a mam Familljeministère definéiert.

Am Kader vum viregten Nationalen Aktiounsplang 2013-2018, ass de CESAS (Centre national de Référence pour la Promotion de la Santé affective et sexuelle) an d'Liewe geruff ginn. Déi véier uewe genannte Ministère schaffen enk mam CESAS zesummen.

En internen Aarbechtsgrupp vum CESAS mat diversen ëffentlechen an associative Verrieder (HIV-Berodung, Planning Familial, LGBTQ+ Centre CIGALE, APEMH, ECPAT a BEE SECURE) gouf déi zweet Editioun vum "Guide en matière de Santé affective et sexuelle des jeunes à destination des professionnel.le.s" ausgeschafft.

2015 gouf schonn eng éischt Editioun vun dësem Guide erstallt, an déi nei Editioun gouf den aktuelle gesellschaftleche Besoinen ugepasst.

D'Zil ass et, de Professionellen aus de Schoulen an de psycho-sozio-educative Strukturen, déi direkt oder indirekt dësen Themeberäich mat Kanner an/oder Jugendleche behandelen, e prakteschen Outil ze bidden, deen am Alldag ka benotzt gi fir bei de Kanner a Jugendlechen e gesonden Ëmgang mat hirem Kierper, hiren Emotiounen an hirer Sexualitéit unzereegen an ze fërderen. Den Outil ass e Classeur mat eenzele Fichen, déi kënnen erausgeholl ginn an als Aarbechtsdokument kënnen benotzt ginn. Ugefaange beim Mënsch a sengem Kierper, iwwert d'Léift an d'Sexualitéit, ginn och d'Verhütung, d'ISTen an déi sexuell Rechter ofgedeckt.

De Bildungsministère assuréiert d'Diffusioun an d'Distributioun vum Outil innerhalb vun all de Strukturen aus sengem Kompetenzberäich.

Dësen Outil gouf offiziell am Kader vun der Erëffnung vun der "Semaine de la Santé affective et sexuelle", de 7. Dezember 2020, virgestallt. De CESAS bitt 2021 Informatiounsseancë fir déi Professionell un, déi mam Guide wëlle schaffen.

Ad 2 an 3)

Am Kader vum Formatiounsprogramm vun der Universitéit Lëtzebuerg fir Medezinstudente gouf am Wantersemester 2019/2020 een Online-Seminaire vun enger Dauer vu 4 Stonnen organiséiert. Déi Responsabel vun der Medezinsformatioun op der Universitéit Lëtzebuerg an d'Representantë vum CESAS hu sech iwwer de Programm vun deem Seminaire concertéiert. Folgend Theme goufen an dëser Formatioun abordéiert: « plaisir et anatomie; violences, chemsex et consentement; infections sexuellement transmissibles et contraception ». Den Online-Seminaire war fakultativ, mee gouf de Studente recommandéiert. Een zweeten Online-Seminaire vun 3 Stonnen iwwert d'sexuell

Gesondheet huet de 4. Dezember 2020 stattfonnt a war fir d'Medezinstudente vum éischte Joer obligatoresch.

D'Universitéit Lëtzebuerg wäert dës Formatioun, déi bis elo nëmme virgesinn ass fir d'Medezinstudenten aus dem éischte Joer, weiderféieren, andeems se eventuell och de Studenten aus anere Formatiounen oder de Studenten aus dem zweeten oder drëtte Bachelorjoer am Kader vum Modüll iwwert déi transversal Kompetenzen ugebuede gëtt. Den Online-Seminaire gëtt gehale vu Mataarbechter vum CESAS, déi an deem Beräich spezialiséiert sinn.